



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

Wéi aus engem Avis vum Stater Gemengerot ervir geet, ginn et eng Rei Problemer am Zesummenhang mat der VISUPOL-Kamera, déi um Kierchbierg de Centre de Conférence filmt. Problematesch ass, dass net just de Centre, mee och d'Entrée vun engem Hotel gefilmt gëtt, an dass aplaz vun der Police och privat Sécherheetsfirmen d'Bildmaterial consultéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi ass et méiglech, dass déi genannte Kamera och en Hotel iwwerwaacht?
Wien ass responsabel fir d'Ophänken an d'Ausrichtung vun de VISUPOL-Kameraen ze iwwerpräiwen?
2. Wéi kouw et dozou, dass privat Sécherheetsfirmen en Accès op d'Bildmaterial vun der Kamera kritt hunn?
3. Wäert dës Kamera nei ausgeriicht ginn an d'Bildmaterial zukünftegt just nach vun der Police ausgewäert ginn?
4. Wéi wëll de Minister assuréieren, dass et an Zukunft net méi zou Problemer, wéi deene genannten, kënn?
5. Gëtt et eng legal Basis, fir private Sécherheetsfirmen Zougang zu de Kamerae vu VISUPOL ze ginn?
Falls net, wéi eng Suite wäert d'Regierung dësem Gesetzesverstouss ginn?

Mat déiwem Respekt,

Marc GOERGEN
Député

